



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7813 vum 22. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

1. *Firwat ass et net méiglech, op de strategesch wichtege Plazen Toilettë fir d'Chauffer:innen opzestellen?*

D'Infrastrukturen vun de Bushaltestellen fällt ënnert d'Gemengekompetenzen. Iwwer Circulairen ginn d'Gemengen all Joers drun erënnert datt de Mobilitéitsministère Kreditter huet déi dozou destinéiert sinn, d'Gemengen mat engem Subside ze ënnerstëtzen wann se eng sanitär Anlag op engem Terminus vun enger RGTR-Buslinn ariichten.

Op all neie Pôle d'échange ginn déi néideg Infrastrukturen fir Fuerpersonal gebaut. Esou ass fir de Pôle d'échange op der Cloche d'Or virgesinn net just Toiletten mee och eng Kichen an en Openthaltsraum fir d'Fuerpersonal ze bauen. Dest soll bis Enn des Joers fäerdeggestallt sinn.

1. *Kënnen d'Paus- a Raschtplazen net esou erausgesicht ginn, datt se e Minimum vu Komfort an Infrastruktur bidden?*

Et ënnerläit der Kompetenz an der Responsabilitéit vum Busbetrib, fir d'Zäiten an d'Plazen anzeplangen wou d'Fuerpersonal ka Paus maachen.

1. *Wann et Ausname gëtt, z. B. duerch e Chantier oder eng Naturkatastrophe, ass et dann net méiglech, op manst e puer mobil Toiletten opzestellen?*

Esou Zenarien missten ënnersicht ginn, allerdéngs dierft dat net esou einfach ginn; eleng fir den RGTR géréiere meng Servicer iwwer 800 Chantieren pro Joer, a bei Naturkatastrophen ass et schwéier virauszeseen wat d'Prioritéite sinn oder ob di betraffe Plazen iwwerhaapt accessibel sinn.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch